# FORUM & DAG vum 3ten Alter

# Sa. 25. Mäerz 2023

13.00-18.00 Auer

zu Waasserbëlleg am Centre Culturel

Fräien Entrée

## PROGRAMM

### 14.00 Auer

PARKINSON LUXEMBOURG

### Virtrag: D'Parkinsonkrankheet an d'Roll vum Patient

Parkinson ass eng komplex Krankheet déi sech vu Persoun zu Persoun anescht manifestéiert. Wat muss een als Patient wësse fir mat de Symptomer ëmzegoen? Wou kann ee gehollef kréien? Wéi eng Roll kann een als Parkinsonpatient unhuelen? Dëse Virtrag wäert probéieren, Äntwerten op dës Froen ze liwweren.

### 15.00 Auer

ala | association luxembourg alzheimer

### Virtrag: Liewe mat Demenz

De Sozial- a Koordinatiounsdéngscht vun der Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer informéiert a sensibiliséiert zum Thema Demenz.

**Themen**

- Abléck an d'Thematik Demenz
- Ëmgang mat der Diagnos
- Ënnerstëtzung a Bewältegung am Alldag
- Servicer vun der ala
- Froen an Äntwerten

### 16.00 Auer

Mäi Wëllen Mäi Wee

### Virtrag: Mäi Wëllen, Mäi Wee

- Wat fir eng Situatioun kënnt a Fro?
- Wat ass den Ënnerscheed tëschent der "Patienteverfügung" an de "Bestimmungen zum Lebensende"?

*Mir si mat dem Thema am Alldag konfrontéiert. Wéi soll ee sech virun der Problematik positionéieren? Wéi soll ee säi leschte Wëllen elo scho festhalen?*

An der Kaffisstuff gëtt et de ganzen Nomëtteg, Kuch, Taarten, Kaffi a Gedrënks.

Ausserdem kann e sech op villen interessante Stänn wéider informéieren an u verschidden Aktivitéiten deelhuelen:

- Ambulanz Wonsch
- Association Luxembourg Alzheimer
- Blëtz a.s.b.l.
- Club Senior Muselheem
- Fleegeheem „Op Lamp"
- Gero
- Help - Doheem versuergt
- Help24 - Foyer du Jour
- Komed Home Care S.A.
- Mäi Wëllen, Mäi Wee
- Optique Schanen
- Parkinson Luxembourg
- ...

De Forum an Dag vum 3. Alter sinn organiséiert vun der Familljen- an 3. Alter Kommissioun vun der Gemeng Mäertert-Waasserbëlleg.

Mäertert-Waasserbëlleg

Commune de MERTERT